n° 3041

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/10/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Mir ass zougedroe ginn, datt op Direktiv vun der Ministesch fir Famill an Integratioun d'Besich vun Elteren a Kannerheemer ëm 50% reduzéiert gi sinn. Deemno krute verschidden Elteren hier Visitten dës Woch mat dësem Argument annuléiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass si decidéiert huet d'Besuchszäiten vun den Elteren a Kannerheemer ze reduzéieren?
   - Falls jo, ëm wat fir eng Direktiv handelt et sech an op Basis vu wéi enge Krittären a wéi enger legaler Basis gouf se getraff?
   - Falls nee, kann d'Ministesch bestätegen, datt d'Besuchszäiten an de Kannerheemer net geännert hunn an och net ännere wäerten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Le caractère urgent de la question a été reconnu (26.10.2020)**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3041 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Den Educatiounsministere huet keng Direktiv erausginn, déi beseet, datt d'Besuchszäite vun den Elteren a Kannerheemer ze reduzéieren wieren.

An deem Zesummenhang sollt een erwänen, datt et keng generell Besuchszäiten an de Kannerheemer ginn. De Kontakt mat der Hierkonftsfamill ass ëmmer individuell no de Besoinen an dem Wuel vun all eenzelne Kand organiséiert an an der Reegel och zesumme mam Jugendgeriicht festgeluecht. Jee no Wuelbefannen an Entwécklungsstand vum Kand kann dëse Kontakt deemno ugepasst an nei organiséiert ginn.

Bedéngt duerch d'Corona-Pandemie ass et awer méiglech, datt déi privat oder staatlech Träger vu Kannerheemer den Hierkonftsfamillje Propositioune maache fir de Kontakt mat de Kanner dem sanitäre Kontext unzepassen, sou zum Beispill dass d'Visitte verstäerkt dobaussen, zu adaptéierten Horairen oder iwwer den digitale Wee stattfannen. Wichteg ass awer, dass de Kontakt oprechterhale bleift.